**WIRTSCHAFTSPERSPEKTIVEN**

# Lëtzebuerg, moderéiert optimistesch

10. Dezember 2015

**D'Prognose fir déi Lëtzebuerger Economie sinn éischter gutt fir déi nächst Joeren, mee et ginn och vill Inconnuen: China, d'Konflikter am Noen Osten an och den Terrorismus spillen eng Roll.** ***Mick Entringer / ckl***



De Bastien Larue vum Statec an de Marc Wagener vun der Chambre de commerce

Fir 2016 gëtt mat engem Wuesstem vun 3,4% gerechent. De Previsiounen no geet de Chômage weiderhin zréck, an den Emploi pendelt sech bei 2,5% an. Trotz dësen éischter favorabele Wirtschaftsprevisioune vun der Lëtzebuerger Statistikverwaltung fir 2016, ass déi Lëtzebuerger Economie villen internationalen Onsécherheeten ausgesat, déi Meenung deelen de Bastien Larue an de Marc Wagener.

## D’Inconnuen: China an d’Migratioun

D’Neiausriichtung vun der chinesescher Wirtschaft, vun enger industrieller Economie an eng Déngschtleeschtungsgesellschaft, huet aktuell en negativen Impakt op déi international Konjunktur. "Déi chinesesch Wirtschaft dréit méi lues, d’Importer ginn zréck, an de Bäitrag vu China un der Weltwirtschaft ass réckleefeg", erklärt den Economist Bastien Larue vum Statec. D'Exporter vu Lëtzebuerg a China leie bei ongeféier 2%. Dat wier net enorm, seet de Bastien Larue, trotzdem kéint déi Lëtzebuerger Wirtschaft den Impakt ze spiere kréien, "op indirektem Wee, iwwer d'Finanzmäert".

Den Impakt vun de Konflikter am Noen Osten an den Terrorismus an Europa kéinten iwwerdeems bis ewell nach net chiffréiert ginn, ënnersträiche béid Economisten. Och bei der méi staarker Migratioun duerch d’Flüchtlinge wär nach net gewosst wat fir en Effekt si op déi

national Economië wäerten hunn. “Dat hänkt vun hirem Qualifikatiounsniveau of, a wéi wäit si Accès kréien op den Aarbechtsmaart”, esou de Bastien Larue. De Marc Wagener weist séngersäits drop hin, datt Lëtzebuerg an der Vergaangenheet nach ëmmer vun der Immigratioun profitéiert hätt.

## "Lëtzebuerg brauch Strukturreformen"

Fir e positive Wirtschaftswuesstem bäizebehale fuerdert d’Chambre de commerce weiderhi Reformen. “Fir eng wierklech Croissance ze relancéieren, brauch Lëtzebuerg Strukturreformen. Den Aarbechtsmaart muss convenabel funktionéieren an d’Wirtschaft muss méi nohalteg opgestallt ginn, mat enger 3. industrieller Revolutioun”, seet de Marc Wagener.

Et géing drëms goe fir de Wirtschaftspotential op laang Zäit auszebauen. D’Entrepreneure wären optimistesch op en kuerzen Zäitraum gekuckt, et géing awer nach Vertraue feele fir ze investéieren, mengt den Economist vun der Chambre de Commerce.

Bei der Steierreform plaidéiert d’Chambre de commerce iwwerdeems nieft enger favorabeler Fiskalitéit fir d’Betriber, fir bei de Stéit an Zukunft och déi méi niddereg Salairen ze besteieren.

**Source : https://www.100komma7.lu/article/aktualiteit/bastien-larue-marc-wagener**

**Lauschteren : https://www.100komma7.lu/podcast/119393**

**Emissioun : https://www.100komma7.lu/program/episode/119393/201512100730-201512100750**